ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27. August 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Arméiminister weiderzeleeden.

Fir hir Nato-Verflichtungen ze erfëllen, gëtt Lëtzebuerg vill Sue fir Projeten aus. An Zesummenaarbecht mat der belscher Arméi gehéiert dozou och de Kaf vun engem Militärtransporter A400M, an och de Kaf vun Helikopteren. Déi belsch Arméi huet schonn aacht NH90-Helikopteren, dovu véier an der maritimer Variant, déi ronn en Drëttel méi deier ass wéi déi terrestresch Versioun a 45 Millioune soll kaschten (www.european-military-aircrafts.net). An der „Air Forces Monthly Revue" an och bei den Militärspezialisten vun Jane's sinn elo belsch Pläng publik gemaach ginn, fir déi véier Iwwerland-Helikopteren ze deklasséieren, respektiv méi begrenzt anzesetzen. Als Grond ginn déi héich Bedreiwerkäschten, de reduzéierte Support vum Hiersteller fir dee Modell, deen 1995 fir d'éischt geflunn ass, a Personalmangel bei der Maintenance an am Fluchbetrib genannt.

Dozou wéilt ech dem Här Arméiminister dës Froe stellen:

1. Kennt den Här Minister déi belsch Pläng fir den Asaz vun NH90-Helikopteren an der belscher Arméi ze reduzéieren? Wéi wäit ass dee Lëtzebuerger Acquisitiounsprogramm fir Helikoptere vun deenen Entwécklunge eventuell betraff?
2. Wéi ass den aktuelle Stadium vum Lëtzebuerger Helikopterprogramm?. Si schonn Helikoptere bestallt ginn a, wa jo, gëtt et eng Méiglechkeet, d'Bestellung nach ouni kontraktuell Strofen ze änneren?
3. Kann den Här Minister soen, wéi héich de Kafpräis vun deenen dräi Maschinnen ass, déi, laut eise Quellen, fir d'Lëtzebuerger Arméi envisagéiert sinn? Ass de Präis vun am Ganzen ronn 105 Milliounen Euro richteg?
4. Wéi sinn déi genee Modalitéite vun der belsch-lëtzebuergescher Kooperatioun am Helikopterprogramm?
5. Gi Lëtzebuerger Mecanicienen a Militärpilote fir dës Maschinnen ausgebilt?

6. Wéi kommentéiert den Här Minister de Fait, datt den europäeschen Helikopterprojet NH90, 15 Joer nom Ufank vu senger Fabrikatioun schonn um Enn ze si schéngt, an datt de Support duerch den europäesche Konsortium, deen den Helikopter entwéckelt a gebaut huet, reduzéiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten